



Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 5954 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup

Ad 1)

Folgend Regierungsmembere si vun 2018 bis haut an enger öffentlecher Schoul intervenéiert:

Lycée	Joer	Member vun der Regierung	Sujet vum Virtrag oder der Interventioun
ALR	2021	M. Turmes	Visite vum Projet INTERREG "Smart Energy 4.0"
EHTL	2021	M. Delles	Virtrag an Diskussioun "Le tourisme au Luxembourg"
	2022	M. Delles	Virtrag an Diskussioun "Le tourisme au Luxembourg"
LAM	2020	MM. Bettel a Meisch	Visite fir d'Rentrée scolaire 2020-2021
LCD	2019	Mme Dieschbourg	Plastik-Gebrauch, Offall a Zero Waste
	2019	M. Turmes	Diskussioun iwwert d'Energiepolitik
LGE	2021	Mme Bofferding	Gläichberechtigung
LJBM	2022	M. Turmes	Landesplanung an Energieversuergung
LN	2019	MM. Schneider a Hansen	Inauguratioun vun der Ausstellung zum 75. Joresdag vun der Ardennenoffensiv
LNB	2018	M. Bettel	Entrevue mat Schüler, déi un engem Zeecheconcours deelgeholl hu vun der Spuerkeess
	2019	Mme Dieschbourg, MM. Meisch a Schneider	Diskussioun no der éischter Manifestatioun "Fridays for Future"
LRSL	2018	M. Bettel	Fête de l'Europe 2018
LTL	2020	M. Turmes	Aweigung vun der Ausstellung "Climate Expo 2020", ee Schülerprojet vum Lycée technique de Lallange (LTL)
LTPES	2021	Mme Tanson	Filmpremière vun der Verfilmung vum Buch <i>Jill ist anders</i> mat uschléissender Table ronde zum Thema "Intersex? Variationen der Geschlechtsmerkmale?"

Net abegraff sinn an dëser Opstellung d'Interventioune vu Membere vun der Regierung bei Geleeënheet vun der Aweigung vu Gebaier, vu Séances académiques oder vun Diplomiwwerreechungen. Och déi reng administrativ Visitten, déi ech als Educatiounsminister an de Schoulen ënnerhuelen, sinn hei net opgezielt.

Ad 2) an 3)

Ech deelen dem honorabelen Deputéierte seng Opfaassung, datt déi ëffentlech Schoul politesch neutral muss sinn, an doriwwer eraus de Meenungspluralismus an dat kritescht Denke soll férdere; esou hunn ech dat a menger Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 5742 och duergeluecht.

Opgrond vun der ganz gerénger Zuel vun Interventioune vu Membere vun der Regierung gesinn ech keng Gefor vun engem "abus de pouvoir" mam Zil, déi jonk Leit politesch ze beaflossen. Ech hunn ëmmer erëm betount – esou wéi den honorabelen Deputéierte dat och suggeréiert – datt een d'Interventioune vu politesche Perséinlechkeeten an de Schoulen an hirem Ensembel muss betruechten: politesch Neutralitéit a Meenungspluralismus ergëtt sech aus der Zomm vu sämtlechen Interventioune.

Lëtzebuerg, de 26. Abrëll 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH